

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Wéi am Artikel "*Rücknahme von Verpackungen*", deen de 15. Juni am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, heescht, si säit den 1990er Jore sämtlech Betriber hei am Land, déi Verpackungen hierstellen oder verdreiwen, fir d'Recknam an d'Verwäertung vun dëse Verpackunge selwer verantwortlech sinn. Weider zitíert d'Lëtzebuenger Wort aus der Äntwert op eng parlamentaresch Fro vum parlamentaresche Grupp vun de Piraten, datt zum Zäitpunkt vun der Fro 99 Betriber duerch d'Ëmweltverwaltung ugeschriwwen gi wieren, datt si sech hei net gesetzeskonform verhalten. Ee betraffene Betrib, dee laut dem Lëtzebuenger Wort net an dëser Lëscht enthalte war, war "Moulin Dieschbourg" vun lechternach, deem d'Madamm Minister selwer bis zu hirem Amtsuntrëtt als Minister a leedender Funktioun ugehéiert huet.

Weider heescht an deem uewen zitíierten Artikel vum Lëtzebuenger Wort, datt de Ministère de Feeler op Nofro bei der VALORLUX géif gesinn, obwuel d'Kompetenz fir d'Betriber schrëftlech zur gesetzlech definierter Uerdnung ze ruffe, bei der Ëmweltverwaltung läit. Domat awer net genuch. D'Lëtzebuenger Wort schreift weider, datt de fréieren President vun der VALORLUX, der Ausso vum Ministère formell widdersprécht, well hien d'Madamm Minister zwee Mol perséinlech ob dëse Probleem opmierksam gemaach hätt, ouni, datt dorop reagéiert gi wier.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Minister gär des Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Minister dës Virgäing, sou wéi se am Lëtzebuenger Wort beschriwwen ginn, confirméieren? Wann nët, firwat net?
- 2) Wéi ass et méiglech, datt d'Madamm Minister sou wuel an hirer fréier Funktioun als Chef vun der betraffener Entreprise, wéi als Minister iwwe Joren vun all dëse Virgäing näischt wosst, obwuel si widderhuelte drop higewise gouf?
- 3) Musse Betriber, déi sech net gesetzeskonform bei der VALORLUX ugemellt hunn, d'Membersbäitrag vun der Zäit réckwierkend nobezuelen?
- 4) Betriber, déi bei deenen uewen zitíierte Gesetzer net am Aklang mam Gesetz sinn, riskéieren eng Geldstrof vun 251 bis 10 000 Euro? Wéi beurteilt d'Madamm Minister d'Effizienz vun dësem Gesetz a vu senger Ëmsetzung?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten